



Et ass kloer, datt elo, an dësem Moment, eng Kapitalerhéijung net gefrot ass an eng Kapitalerhéijung och net noutwendeg ass. Mir wëssen awer net, wéi d'ekonomesch Situatioun an deenen nächste Méint weider evoluéiert, sou datt et schwéier virauszegesinn ass, ob an dësem Joer oder net, respektiv d'nächst Joer, muss eng Kapitalerhéijung kommen. Op jidde Fall, an dëser Assemblée générale, déi muer wäert stattfannen, ass keng esou Demande um Ordre du jour gewiescht.

Zu dem Här Urbany senger Fro, der Fro, déi effektiv an der Zeitung oft gestallt gi war vun den 49%, an et ass souguer an der Zeitung gesot ginn, et wier ofgemaach ginn, datt automatesch de katareschen Aktionär op 49% géif goen, do wëll ech ganz kloer soen, datt dat net de Fall ass. E Geheimofkommen, vun deem heiansdo geschwat ginn ass, wou gesot ginn ass, et wier en Automatismus, datt d'Qatar Airways kéint op 49% vum Actionariat goen, gëtt et net.

Mäin nächste Saz, Här Urbany, wann Der mech weiderschwätze loosst, dat ass deen, datt den „shareholders´ agreement“ oder Pacte d'actionnaires awer en normale Pakt ass, en normalt Pabeier ass. All Kéiers, wa Gesellschaften oder wann Aktionären an enger Gesellschaft zesummekommen, gëtt normalerweis e Pacte d'actionnaires ënnerschríwwen, gëtt normalerweis en „shareholders´ agreement“ gemaach. Et ass also net, fir hei ze maachen, wéi wann dat elo en extrat Ofkomme wier, an et ass net vun engem Secret oder Secret défense, oder wat Der elo alles gesot hutt, ze schwätzen.

Normal ass eng Klausel, datt esou ee Pacte d'actionnaires tëschent den Aktionären e confidentiell Charakter huet. Dat ass hei esou wéi op anere Plazen, a fir de Rescht sinn all déi aner Saachen, déi Der genannt hutt, wéi Secret défense a Secret, sécherlech net de Fall.

Dee Pacte d'actionnaires gesäit vir, datt de katareschen Aktionär - Qatar Airways - net kann iwwer 49% goen. Et ass u sech de Contraire! An deem Pacte d'actionnaires ass eng Klausel, wou gesot gëtt, et kann ni iwwer 49% sinn. Dat heescht, de Lëtzebuerger Actionariat oder déi Entreprises a Leit, déi dozou gezelt ginn, müssen ëmmer 51% hunn. Dat ass dat, wat drasteet, wat awer och eng Clause ass, déi am Fong jo d'Intérêt vu Lëtzebuerg préservéiert.

Also, et ass ni en Automatismus de Fall, et ass ni eng Obligation de Fall, et ass just gesot, iwwer 49%: Neen! Fir déi Saach och emol eng Kéier kloer ze soen, an do ass och näischt dra vu bevürzeien oder net bevürzeien. Just déi Klausel ass esou kloer an däitlech an deem „shareholders´ agreement“ opgezeechent.

Dir sot: Firwat sinn ech heiansdo reitent, fir iwwer all déi Froen do an der Chamber ze schwätzen? Mä, well zwar eng ganz Rei Lëtzebuerger Entreprises, wou de Stat Aktionär deelweis ganz, deelweis hallef dran ass, an der Cargolux mat dra sinn. Mä nach, mä nach ass et eng privat Gesellschaft, an nach behuelen och déi Aktionäre sech hei wéi um Privatmarché, wéi Privatakionären an hunn eng Rei Obligationen. Notamment wa Pakten ënnerzeechent ginn, notamment wa Confidentialitéitsklausel mat aneren Aktionären dra sinn, mussen se sech dorunner halen a mussen se u sech och sech behuelen, wéi wa se um private Marché sech als normale privaten Aktionär géife behuelen. Dat fannen ech awer eng absolut Normalitéit.

Dann ass gëschter och gesot ginn an deenen Diskussionen, déi mer notamment mat de Gewerkschaften haten, datt d'Regierung der Meinung ass, datt deen Équilibre, esou wéi en elo an dem Actionariat besteet, mat engem Partenariat mat Qatar Airways, wat e Partenariat vu 35% ass, datt dat en Équilibre ass, dee fir eis okay ass, an datt mer och wëllen, datt an der nächste Zäit deen de Équilibre esou bleift, wéi en elo ass. Mir hunn also ganz kloer d'Zilsetzung, fir dësen Équilibre esou bäizehalen.

Dir hutt mech iwwert d'Roll vun de Katarien oder vu Qatar Airways ugeschwat. D'Qatar Airways ass en Aktionär, dee sech hei wéi e privaten Aktionär behält an deen och d'Zukunft vun der Gesellschaft esou gesäit, datt et eng Gesellschaft ass, déi iergendzwoosch eng Kéier Gewinn bréngt an déi rentabel soll sinn. Ech fannen dat och en normalt Behuele vun engem Aktionär, datt en op déi Zilsetzung erausgeet.

An ech soen och ganz kloer, wa mer hei iwwer eng Kapitalerhéijung schwätzen, dann ass et awer net esou, datt eng Kapitalerhéijung bei enger Gesellschaft eppes Normales ass an datt eng Kapitalerhéijung no enger Kapitalerhéijung an nach eng hannendru sollte kommen, an

datt mer dat esou au fur et à mesure als en normale Werdegang fannen. Esou kann et net goen. Hei ass eng Kapitalerhéijung, déi eventuell virgesi gëtt, fir aus enger schwiereger Zäit, aus engem schwierere Moment erauszekommen.

Dir wësst, datt d'Cargolux ganz schwierig Zäiten hat. Si hat och ganz vill Problemer mam „antitrust“, dat wësse mer alles. Also gëtt eng Kapitalerhéijung envisagéiert. Mä wat awer gradesou kloer ass a wat gradesou noutwendeg a mengen Aen och ass, dat ass, datt elo eng „business review“ gemaach gëtt vun der Gesellschaft selwer, datt och eng Flotterevue gemaach gëtt, an datt de Management, den CEO an de CFO mat hiren Experten eng Kéier kucken, wéi an der nächste Zukunft déi Strategie vun der Gesellschaft soll ausgesinn, fir datt et och eng Gesellschaft ass, déi gewinnbréngend ass, déi eng Rentabilitéit huet, a wou, wann eng Kapitalerhéijung dann eng Kéier muss gemaach ginn, een awer ka soen, datt dat an nächste Zäit déi lescht ass, mä datt mer dann och eng Zukunft mat der Gesellschaft hunn, wou se ka profitabel schaffen.

Dorëms geet et an duerfir muss och elo eng „business review“ gemaach ginn. Aus där „business review“ müssen d'Konsequenze gezu ginn, wéi an enger extrem changéierter, extrem concurrentieller Welt d'Cargolux, déi enorm vill Atouten huet an déi mer och hei zu Lëtzebuerg brauchen, wéi déi Cargolux sech der Konkurrenz ka stellen an och hir Zukunftsperspektiven opzezeichnen. Et ass dorëmmer, wou et geet, an et ass dat, wat an deenen nächste Woche muss ausgeschafft ginn a wat muss geschéien.

Ech weess elo net, ob ech all d'Fro beäntwert hunn, Här Urbany. Ech hu probéiert, se mir, esou schnell wéi ech konnt, opzeschreiwen, mä Dir hutt jo nach d'Méiglechkeet, fir elo eng hannendrun ze stellen. Wann ech eng vergiess hätt, macht Der dat jo elo sécher.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Här Urbany, Dir hutt jo am Prinzip nach d'Recht, eng Zousazfro ze stellen. Ech wëll lech just drop opmierksam maachen, datt Der schonn Är Zäit ëm 2,5 Minutten iwwerzunn hutt. Dat heescht, haalt lech wann ech gelift ganz kuerz!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech si mir däers bewosst, Här President. Ech hat mech och scho bal net getraut, nach eng Fro ze stellen.

(*Hilarité*)

Dir sot, Här Minister, vis-à-vis vun den Aktionäre misst esou ee Pakt confidentiel sinn. Et ass awer de Problem: Deen Aktionär, deen hei majoritär ass, ass keen normalen Aktionär. Et ass de Lëtzebuerger Stat, iwwer seng Agencen eventuell, deen do agéiert. An de Gesetztexter steet dran, d'SNCI an d'Spuerkeess hätten d'Mission publique, fir beim Investissement a beim Développement vun der Économie a vum Emploi ze hëllefen.

Et kann also net sinn, dass absolut keen Droit de regard do ass. Wann en Droit de regard do ass, fir eng Beschäftigungsinitiative vun enger Gewerkschaft ze kontrolléiere bis an dee leschten Euro eran, da muss awer och, mengen ech - an dat ass meng Fro - d'Méiglechkeet sinn, doranner en Abléck ze kréie vun enger Chamber, déi schliesslech awer hei am Land souverän ass an d'Regierung ka kontrolléieren an och der Regierung hir Agencé ka kontrolléieren.

Wat Der sot zu deenen Interesse vum Stat, déi do concernéiert...

► **M. le Président.**- Här Urbany, neen, ech mengen, Dir konnt elo nach eng Zousazfro stellen. Et geet hei net drëm, fir nach eng Kéier déi ganz Fro erëm frësch ze dévélépéieren, well ech hat lech jo elo schonn 2,5 Minutte méi ginn. Dir hutt elo schonn erëm eng Minutt hei dévélépéiert. Ech géif wierklech awer elo proposéieren, den Här Minister géif lech nach op déi Fro do äntwerten, an da wier d'Diskussion awer domadder ofgeschloss.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dat heescht, eng zweet kann ech also elo net méi stellen?

► **M. le Président.**- Neen, dat gesäit eist Reglement net vir, Här Urbany.

(*Brouhaha général*)

Här Nohaltegkeetsminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- D'Äntwert op déi do Fro hat ech schonn deelweis virdu ginn. Et si selbstverständlech Betriber, wou deelweis oder ganz de Stat als Aktionär dran ass, mä déi sech awer hei, an dësem Kontext, als Privatakionären, als Privatbetriber mussen behuelen, fir eng Privatgesellschaft wéi d'Cargolux ze leeden. Ech fannen dat eng normal Aart a Weis, fir hei virzegoen.

An ech wëll awer trotzdem hannendru soen, datt déi Informatiounen, déi d'Chamber kritt, a multiple Sitzunge vun der Kommissioun op Ufro vun deenen eenzelnen Deputéierten och, souwäit et méiglech war, geäntwert ginn ass. An ech hat nach selten esou vill Ufroen, wou ech hei muss oder därer an der Chamber optrieden, fir déi noutwendeg Explikatiounen ze ginn. Och haut ass erëm e Beispill, datt mer awer eng ganz Rei vun den Explikatiounen dann, wann et muss sinn, der Chamber evidenterweis ginn.

An ech ka mech och engagéieren - an dat schéngt mer och ganz kloer -, datt, wa Changementer kommen, an dat ass d'selwecht wéi d'leschte Kéier bei de Kapitalerhéijungen, wou mer genau datselwecht gemaach hunn, dann evidenterweis d'Chamber gradesou wéi de Comité mixte, esou wéi dat Gesetz et virgesäit, informéiert gëtt en bonne et due forme, an datt all déi Informatiounen, déi da mat dem staatleche Geschehen zesummenhängen, evidenterweis d'Chamber ka kréien an dee Contrôle exercéieren, dee se muss exercéieren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder wiere mer um Enn vun dësem Punkt.

Mir kommen dann elo zum éischte Projet de loi vun de Mëtten, nämlech de Projet de loi 6287 iwwert de Bau vum Lycée technique agricole zu Gilsdorf. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschríwwen: déi Hären Etgen an Negri, d'Madame Lorsché an den Här Colombara. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

8. 6287 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique agricole à Gilsdorf

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, éier ech elo de Projet 6287 vum Lycée technique agricole zu Gilsdorf virstellen, nach kuerz, wéi dat esou üblech ass fir de Rapporteur, zu den Aarbechten an där zoustänneger Chamberskommissioun.

De Projet ass den 19. Mee 2011 vum Här Minister Claude Wiseler hei an der Chamber déposéiert ginn. Dem Statsrot säin Avis ass den 11. Oktober 2011 do gewiescht. Den 29. Juni 2011 huet d'Chamberskommissioun mech dann zum Rapporteur ernannt. Den 29. Februar 2012 huet d'Kommissioun de Projet an och d'Avisé vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl, an den 20. März konnt dunn dee virleiende Rapport majoritär an der Kommissioun ugeholl ginn.

Éier ech elo op den Detail vum Projet aginn, erlaabt mer, Här President, awer e kuerze Bléck zrëck an d'Geschicht vun der Formation agricole hei am Land ze werfen.

Duerch groussherzoglecht Reglement vum 29. September 1848 sinn éischt Coursen an der Landwirtschaft zu Dikrech an d'Liewe geruff ginn. Knapps aacht Joer méi spéit, 1856, sinn dës Coursen awer nees opgehalen ginn, nodeems zu lechternach eng Ackerbauschoul geschafte gi war. 1868 ass op d'Décisioun hi vun där deemoleger Chamber dës Schoul zu lechternach awer erëm zougemaach ginn.

Duerch Gesetz vum 28. Februar 1883 ass den Institut de l'État zu Ettelbréck gegrënnt ginn, mat enger Station expérimentale de chimie agricole. Op dëser Plaz sinn zwee Joer laang Formatioun an eng Classe préparatoire ugebued ginn. Vun 1883 un huet och schonns en Internat zu dëser Schoul gehéiert.

1927 huet d'Chamber gréng Luucht gi fir de Bau vun enger neier Ackerbauschoul. Dëst neit Gebai an der Avenue Salentiny ass 1932 ageweit ginn. Deemools waren et 122 Schüler, déi op fënnf Klassen opgedeelt gi sinn.

1971 ass den Institut d'enseignement agricole geschafte ginn an den Unterrecht ass op fënnf Joer ausgebaut ginn. Duerch d'Schafte vum Enseignement secondaire technique 1979 ass den Ackerbauunterrecht an d'Formation professionnelle integréiert ginn ënnert deem neien Numm „Lycée technique agricole“.

Am Laf vun de Jore sinn nei Formatiounen agefouert ginn, wéi zum Beispill de Mécanicien fir landwirtschaftlech Maschinnen 1986, d'Formation horticole 1988, d'Formation „forêt-environnement“ 1993 souwéi de Régime de la formation du technicien 1999.

Am Schouljoer 2008/'09 ware 652 Schüler am LTA ageschríwwen. Se hu sech op 50 Klasse verdeelt, an dat nach ëmmer an deene Gebaier, déi 1927 gebaut gi sinn. 1985 sinn am Haaptgebai allerdéngs e puer Säll derbäikomm: zwee

Atelieren an e puer provisoresch Aariichtunge fir de Gaardebauunterrecht. Des Weidere si fënnf Klassesäll am Internat aménagéiert ginn.

An der Annex vum Site op der Laduno stinn nach eemol véier Klassesäll zur Verfügung: een Atelier fir Fleuristen, zwee Ateliere fir Metallaarbechten an e Garage fir Reparaturen. Hei ass de Mietvertrag 2012 opgeléist ginn.

Säit dem 1. August 2001 ass och nach d'Hal vun der „Gamm Vert“ zu Colmer-Bieng gelount ginn, an dat fir de prakteschen Unterrecht fir d'Landschaftsgärtner.

Här President, esou wäit zu mengem kuerzen historiesche Réckbléck. Komme mer elo awer op dat, wat an deem heite virleiende Projet realiséiert gi soll.

Elong de Fait, datt de Lycée technique agricole op verschiddene Plaze muss funktionéieren, geet u sech schonn duer, datt dës Projet elo endlech Realitéit gi soll, an dat no bal 25 Joer méi oder manner leidenschaftlechen Diskussionen. Diskussionen, déi vun alle Betreffene gefouert gi sinn: vun der Politik, vun der Schoul selwer wéi och vum Baueremilieu.

Am Moment funktionéieren néng Klassen am ënneschte Cycle am LTA. De Cycle moyen an de Cycle supérieur proposéieren déi folgend Sektionen: éischters, d'Formation agricole, verschidde Formations horticoles, d'Formation „forêt-environnement“ a verschidde Formatiounen fir de Mécanicien. Weider Formatiounen, ënner anerem am wëssenschaftlechen Beräich, si virgesinn.

Fir de gudden Oflaf vun all dëse Coursen a Formatiounen ze garantéieren, ass am Projet selwer virgesinn, ausser Klassesäll och speziell Säll an Atelieren anzerichten. Dernieft si folgend Infrastrukture virgesinn: eng Kantine, en Internat, e Sportssall an och e Sportsterrain, e Busquai an e Parking mat plus/minus 105 Plaze fir d'Personal.

Wat de Site elo ugeet, wou déi nei Ackerbauschoul hikomme soll, esou ass deen an der Périphérie vun Dikrech/Gilsdorf. Den Terrain ass ronn 15 Hektar grouss a läit gréisstendeels um Territoire vun der Gemeng Bettenduerf. E méi klengen Deel op der westlecher Extremitéit vum Terrain läit an der Gemeng Dikrech. Am Weste läit den Terrain un der N14, am Süden um Feldwee, dee sech „um Knäppchen“ nennt, an nördlech trennt just en Hang mat Beem deen zukünftege Campus vum bestehende Sportskomplex, mat deem heitege Lycée classique herno och den Nordstadlycée, an der Hotelsschoul.

Méi spéit kënnt nach en neit Gebai mat engem Labo fir d'ASTA a Büroe fir d'Chambre d'Agriculture op deem neie Site derbäi. Dës Gebaier sinn allerdéngs an deem Projet, dee mir haut elei virleien hunn oder haut diskutéieren, nach net derbäi.

Esou wéi Der et scho vläicht aus menger Beschreibung eraushéieren hutt, läit den Terrain an engem Hang, an deem dréit d'Konzeption vum Gebai dann natierlech och Rechnung, well et gëtt probéiert, dat Ganzt esou harmonesch wéi méiglech doranner och ze integréieren. Vu datt et ëmmer méi schwierig ass, eppes an enger Ried ze beschreiwen, wat ee sech vill besser virstelle kann, wann een et gesäit, invitéieren ech lech allegueren, d'Pläng ze kucken, wéi se am Projet duergestallt sinn. Et ass sécher méi einfach fir déi, déi interesséiert sinn. A se kënne sech och e bessert Bild maache vum ganze Site.

Just e puer kleng Informatiounen zur Architektur. Deen neien LTA besteet aus sechs Gebaier plus d'Internat. D'Gesamtfläch ass 21.655 m². Déi verschidden Deeler si matenee verbonnen a se leie soit parallél soit perpendiculaire zu de Courbé vum topografeschen Niveau vum Hang. Iwwerhaupt ass, wéi schonns virdu gesot, dee ganze Komplex ëm eng Ost-West-Achs parallél zu dem Niveau vun de Courbé vum Terrain konzepéiert. Déi Haaptachs ass dann och eng Aart Galerie, vun där aus den Accès zu deene verschiddenen Niveaue vun de Gebaier verdeelt gëtt.

Wat souwuel d'Architektur, d'Materialien, d'Energiekonzept an och déi technesch Installatiounen ugeet, ass de ganze Projet no den Exigence vun der nohalteger Entwécklung geplangt ginn.

Den Accès op de Site ass iwwert de Kreesverkéier vun der N14 aus garantéiert. Dësen ass allerdéngs net am virleiende Projet virgesinn, weder finanziell nach architektonesch, well e fällt ënnert d'Kompetenz vun de Ponts & Chaussées a gëtt och vun hinne gebaut.

Eng nei Foussgängerverbindung gëtt dann nach tëschent all deene schonns bestehende schouleschen a Sportsinfrastrukture gebaut.

Wat d'Finanzen elo ugeet, wäert de Gesamtäckschtepunkt bei ronn 100 Milliounen Euro leien. D'Exploitationskäschte belafe sech



op bal 2,4 Milliounen Euro pro Joer. An den Entretien gëtt op ronn 1,2 Milliounen d'Joer geschat. Derbäi kommen nach Personalkäschten an der Héicht vun enger Millioun an d'Frais de fonctionnement vun 1,15 Milliounen.

Här President, ofschléissend nach ee Wuert zum Avis vum Statsrot. Nieft e puer punktuelle Remarquen huet déi héich Kierperschaft festgestallt, datt de Lycée Gilsdorf net am Aklang mam Plan directeur sectoriel «Lycées» ass, well deen nach virgesinn hat, datt dat aktuell Gebai zu Ettelbréck aus- oder ëmgebaut sollt ginn. Mir kruten awer op dës Remarque hi vum Statsrot an der Kommissioun déi néideg Erklärungen vum Minister Claude Wiseler.

Nichtsdestotrotz huet de Statsrot dem Projet awer gréng Luucht ginn, a mir kënnen haut och doriwwer ofstëmmen.

Ech hu mäin Exposé elo relativ kuerz gehalen. Sollten awer Froen opbliwwen sinn, déi éischter technescher Natur sinn, kënn Dir dat a mengem schréffleche Rapport noliessen an natierlech och am Projet de loi selwer.

Här President, ech soe Merci fir d'Nolauschteren, hoffen awer, datt dës Projet eng grouss Zoustëmmung elei an der Chamber kritt, well, wéi gesot, scho 25 Joer laang gëtt heiriwwer diskutéiert, datt mer dee solle kréien. A selbstverständlech ginn ech zu dësem Projet den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soe Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Lucien Clement. Als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer virwech, dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, fir säi schréfflechen a mündleche Virtrag ze félicitéieren an him villmools Merci ze soe fir seng Aarbecht.

Et ass längstens gewosst, datt déi bestehend Gebailechkeete vun der Akerbauschoul an der Avenue Salentiny zu Ettelbréck et net méi erlaben, an engem Ëmfeld ze funktionéieren, dat den heitegen Uspréich gerecht gëtt.

D'Akerbauschoul zu Ettelbréck ass eng Schoul mat Tradition. E groussen Deel vun de Lëtzebuerger Bauere sinn do passéiert. Perséinlech hunn ech grouss Respekt virun dëser Schoul. Ech war selwer do.

► **Plusieurs voix.**- Aaaahhh!

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et ass eng Schoul, déi sech an deene leschte Joren immens entwéckelt huet, an ech si stolz drop, Här Henckes, datt ech an där Schoul war!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et ass eng Schoul, déi sech an deene leschte Joren immens entwéckelt...

(Interruption)

...huet, opgrond vun dem virbildlechen a fantasteschen Engagement vun der Direktioun an den Enseignanten. D'Direktioun an d'Enseignanten identifiziéieren sech staark mat der Landwirtschaft. Als Demokratesch Partei wëlle mir dat ausdrécklech begrëssen an hinnen eise Respekt aussprechen.

(Interruptions)

► **Une voix.**- Oh là là!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- D'Lëtzebuerger Landwirtschaft brauch haut zwéngend eng modern Schoul. Fir d'Demokratesch Partei ass den Neibau vun enger moderner landwirtschaftlecher Schoul vu virranger Bedeitung. Sait Jore war et den ausdréckleche Wonsch vun der DP-Fraktioun, datt, wann d'Lëtzebuerger Landwirtschaft eng Zukunftschance soll hunn, mir an engem accélérierte Rhythmus an déi konkret Realisatiounsphas musse kommen.

D'Landwirtschaft brauch een Ausbildungszentrum, ee Kompetenzzentrum, woubäi d'Schoul d'Häerzstück soll sinn. Weinst deene groussen Erausforderungen, déi un de Secteur gestallt ginn - Stéchwieder hei: Globalisatioun, europäesch Rahmbedéngungen, Konsequenzen vum Klimawandel, iwwerméisseg Bürokratie, grouss Präisvolatilitéit, an ech kéint weiterfueren... -, gëllt et, der Landwirtschaft nei Impulser ze ginn.

Et muss prioritär an d'Käpp vun deene jonken, zukunftege Baueren investéiert ginn. Mir müssen d'Kreativitéit vun den zukunftege Betriebsleider fördern, duerch eng zolidd fachgerecht Ausbildung an enger zäitgemässer Akerbauschoul. Hei soll och d'Weiderbildung organiséiert ginn. „lifelong learning“ dierf och bei de Bauere keen Tabu sinn. Et gëllt, Fachkompe-

tenz duerch Know-how-Tranfert iwwer individuell, deem eenzelne Betrib ugepasster Berodung ze schäerfen.

Här President, zënter méi wéi 20 Joer gëtt vun enger neier Schoul geschwat; de richtige Standuert konnt net ausgemaach ginn. De Bauminister stoung staark ënner Drock. Et war wéi ee Befreiungsschlag, wéi de 16. Januar 2007 de Bauminister an d'Schoulministesch op enger gemeinsamer Pressekonferenz ugekënnegt hunn, datt déi nei Akerbauschoul op Gilsdorf kéim.

Si krute vun Ufank u kee Luef. D'Ettelbrécker CSV huet dës Entscheedung „ganz staark“ bedauert. Ettelbréck wier schliesslech d'Baurestad aus dem Norden. D'Gemeng wier net an den Entscheidungsprozess agebonne gewiescht. Et hätt keng breet Diskussioun mat den Acteuren stattfonnt. Selwechten Toun bei den LSAP-Sektiounen aus der Nordstad. De Site ass net IVL-kompatibel an ass am Géigesaz zum Nordstad-Masterplang.

► **Une voix.**- Wat huet d'DP da gesot?

► **M. Fernand Etgen (DP).**- An der Nordstad huet een...

(Interruptions)

...den Norde verluer, huet et am „Tageblatt“ geheescht. De Claude Haagen sot am „Tageblatt“: „Firwat maache mer dee ganzen Zauber mat der Nordstad iwwerhaapt?“

Här President, och d'Demokratesch Partei stellt sech d'Raumplanung an der Nordstad anschters vir. Hei geet et awer och ëm ee politesche Message: De Raum vun der Nordstad als ee wirtschaftlecht a soziaalt Ganzt ze gesinn, wou et gëllt, eng vollstänneg Schouloffer unzébiden, wéi et sech fir den Hauptziehungspunkt vun enger Region gehéiert. Dëst war iwwregens och konform zu den Ziler vun der Landesplanung.

Et dierf net virkommen, datt de Stat nei Bauteprojeten op een net IVL-kompatible Site implantiert. Dëst ass ee Paradebeispill, wéi een et net soll maachen! Als DP bedauere mir hei haaptsächlech, datt de Stat et net fäerdegbréngt, a sengen Décisiounen déi grouss Linne vun IVL ze respektéieren, an dobäi misst dach grad bei engem integrative Konzept de Stat mam gudden Beispill virgoen.

Nei Infrastrukture gehéieren op d'Zentralachs Nordstad, op d'Achs Ettelbréck-Dikrech. Hei schéngt et awer esou ze sinn, datt de Stat bis elo awer nëmmen hallefhäerzeg ëm den Ukaf vun den néidegen Terraine sech beméit huet.

Der Regierung huet et un enger klorer a präziser Virstellung gefeelt, wou déi nei Akerbauschoul sollt hikommen. Während Joren ass emol hei, emol do, hannert der bestehender Schoul, op der Haardt Terrain kaaft ginn, am Ganzen iwwer 20 Hektar. Am Kafacte stoung du déi eng Kéier: «dans l'intérêt de l'extension du Lycée agricole Ettelbruck», an déi aner Kéier: «dans l'intérêt de la construction d'un nouveau lycée technique agricole».

De virleiende Projet ass a krassem Widder-sproch zu de Leitlinie vum Masterplang Nordstad, a krassem Widdersproch zu deem festgeluechte Rahmeprogramm, a krassem Widder-sproch zu deenen hei festgeluechten Entwécklungsprioritéiten.

► **Une voix.**- Et ass krass!

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Wat déngt et, theoretesch Leitbiller an Ziler festzesetzen, Workshopen a Strategiekonferenzen...

(Interruption)

...ze organiséieren, Säiten a Säiten Ergebnisrichter ze schreiwen, deier Etüden ze maachen, wat déngt dat, wann de Stat selwer sech net drun hält? Wat déngt dat, wann d'Regierung mam Choix vum Standuert Gilsdorf ee Signal an déi falsch Richtung sent?

Hei geet et och ëm d'Kredibilitéit vun där gudder Aarbecht, déi zesumme mat de Biergerinnen a Bierger beim Opstelle vum Masterplang gemaach ginn ass. Mat esou Décisiounen brauch ee sech net ze wonneren, wann d'Bierger dobaussen d'Nordstad als een theoretescht Gebilde ugesinn, wat an de Käpp vun de Leit abs-trakt a fiktiv bleift. Hei gëtt Schued um Image vun där gudder Nordstad-Iddi gemaach.

Dat geet net! Dat ass d'DP net bereet, esou ze akzeptéieren!

Här President, weider ass dës Projet net konform zum Règlement grand-ducal vum 6. Januar 2006, deen de Plan directeur sectoriel «Lycées» obligatoresch mécht. Hei war d'Vergréisserung vun der Akerbauschoul prezis virgezechent.

Och de Statsrot huet a sengem Avis op d'Kritikpunkten iwwert de Standuert Gilsdorf higewisen an datt nach munches onkloer ass a bleift.

En huet op eng Rei prozedural a rechtlech Problemer opmierksam gemaach.

Jee, wann een net weess, wat ee wëllt, da kënn et, wéi et komme muss!

Et schéngt och esou ze sinn, datt de Stat déi lokal Begebenheeten net kennt an d'Realitéiten um Terrain verkennt a sech de Konsequenzen vum Projet um Gilsdorfer Plateau net bewosst ass.

D'Akerbauschoul gehéiert eiser Meenung no net op de Gilsdorfer Plateau, mä méi urbanisteschesch integréiert op eng Plaz no beim Eisebunnsréseau.

Als DP si mir der Meenung, datt d'IVL-Kompatibilitéit vum dem Projet op de Gilsdorfer Héichten, déi vum iewechte staatleche Landesplaner dekretéiert gëtt, net besteet an datt dee vun der Regierung promouvéierte Projet alles, mä net nohalteg ass, an dat aus folgende Grënn:

Éischstens: D'Ökobilanz vum Standuert op dem Gilsdorfer Plateau ass schlecht! Um Plateau ze baue bréngt ee groussen Agrëff an d'Natur mat sech - Versigelung vun Drainageflächen a Lännereien - a risquéiert d'Landschaftsbild ronderëm Dikrech ze verschandelen.

Zweetens: Vum ekonomeschen Aspekt aus be-deit et e grouss finanziellen Opwand, fir déi néideg Infrastrukturen - Kanal, Energie, etc. - op de Gilsdorfer Plateau eropzeleeën.

Drëttens: D'Risiko vun der Grondwaasserverschmutzung sinn héich, well et sech ëm e Quellschutzgebitt vun der Stad Dikrech handelt.

Véiertens: De Standuert ass absolut net ugebonnen un den öffentliche Transport an topografesch esou geleeën, datt e souwuel zu Fouss wéi och mam Vélo schwéier erreechbar ass.

Fënneftens: Deemno géif de Projet op dëser Plaz vill onnëtzten Individualverkéier an zousätzleche Schoultransport duerch de Stadkär generéieren, wat d'Stroossen am Zentrum vun Dikrech einfach net géife packen.

Sechstens: De Standuert ass wäit ewech vun alle soziokulturellen Infrastrukturen: Gastronomie, Fräizäit a Commerce.

Siwentens: De Standuert huet direkt Auswierkungen op d'Liewensqualität vun den ugrenzende Wunngebiddern.

Här President, Dir gesitt, d'Demokratesch Partei huet vill gutt Grënn, de Standuert op dem Gilsdorfer Plateau ofzelehnen.

Aus all dësen Ursaachen eraus hätte mir als DP eis gewënscht, datt d'SUP, déi Strategesch Umweltprüfung, géif virleien. An duerfir wëll ech de Minister froen: Gëtt dës gesetzlech virgeschriwwen Prozedur an dësem Dossier zu enger Formsach degradéiert? Gëtt hei d'Opportunitéit vun der SUP net als Alibi ofgestempelt, mat alle Konsequenzen, positiver an negativer, déi sech doraus fir dës Projet a vill anerer hannerdrun erginn?

Mir hätten eis gewënscht, de Käschtepunkt vum Giratoire op der Fielser Strooss mat der Zoufahrsstrooss ze kennen, fir esou de wierleche Käschtepunkt vun dësem Projet ze kennen.

Mir hätten eis gewënscht, d'Mobilitéitsetüd iwwert den Trafic am Nordstadraum léich um Dësch, fir den Impakt vun den neie Schoulinfrastrukturen op den Trafic besser aschätzen ze kënnen.

Mir hätten eis gewënscht, d'Nordstadgemengen oder de Comité politique Nordstad an den Entscheidungsprozess agebonne gewiescht wieren.

Mir hätten eis gewënscht, ze wëssen, ob déi Dikrecher Gemeng zu dësem Projet steet a gewëllt ass, hei eng Baugenehmung ze ginn. Et huet een d'Impressioun, datt de Stat Ping-pong mat der Gemeng Dikrech spillt, a mir si gespaant op déi zukünftige Ballwiessel.

Ech erënneren drun, wat d'LSAP zu Dikrech am Wahlkampf, am Gemengewahlkampf gesot huet: „Wussten Sie, dass die LSAP Diekirch sich seit 30 Jahren gegen die Versiegelung auf Höhen und Anhöhen rund um Diekirch einsetzt? Die LSAP Diekirch den vom CSV-Minister gewählten Standort für den Bau aus vielen Ursachen als nicht geeignet hält?“

(Interruptions diverses)

An duerfir, Här President, opgrond vun all deem, wat ech virdu gesot hunn, soen ech lech, wann den Ettelbrécker an den Dikrecher Buergermeeschter an all aner Nordstadpolitiker an déi Politiker, déi d'Nordstadkonzept genial fannen, sech konsequent sinn a sech selwer e bësschen eescht huelen, dann dierfe se, da kënnen se dës Projet net stëmmen!

Well dës Projet ass de Contraire vun deem, wat se am Comité politique Nordstad gehollef hunn auszeschaffen, wat se an hirer Gemeng

gesot hunn, wat se an hire Parteisektiounen gefuerdert hunn: de Contraire! An aus all deene-selwechten Ursaachen dierf a kann den Dikrecher Buergermeeschter dës Projet net autoriséieren.

Här President, ech froe mech, ob de Minister sech de Konsequenzen vun dësem Szenario bewosst ass. Et geet net duer, fir e Ministère fir nohalteg Entwécklung ze schaffen, vun nohalteger Entwécklung ze schwätzen, et muss een och kënnen Décisiounen iwwerdenken!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Als Demokratesch Partei setze mir eis a fir eng nei Akerbauschoul op engem Terrain, dee wierleche IVL-konform ass, mat Berücksichtigung vum ganzen Nordstadkonzept an alle verkéierstechneschen Aspekter. Et muss e Projet ginn...

► **Une voix.**- Hat d'Madame Brasseur net wëlles...

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et muss e Projet ginn, deen Hand an Hand mat alle Bedeelegten ausgeschafft gëtt, souwuel Nohaltegkeets...

(Interruptions diverses)

► **Une voix.**- Fannt Der keen Terrain? Dir sidd zu 26!

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, dem Här Etgen nozelauschteren!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et muss e Projet ginn, deen Hand an Hand mat alle Bedeelegten ausgeschafft gëtt, souwuel Nohaltegkeets- an Éducatiounsministère wéi och deene betreffenen Nordstadgemengen. Et gëtt Alternativen!

Och wa fräi Terraine sech op den éischte Bléck vum Grondstückspräis als méi deier erweisen, kënnen dës Terrainen awer, global gekuckt, zu engem méi bëllege Gesamtprojet féieren, well ugebonnen un d'Eisebunnsnetz an u bestehend Kanal- an Energieinfrastrukturen, déi dann net méi brauche gebaut ze ginn. Déi vill diskutéiert Mobilitéitsproblematik, déi de Standuert um Gilsdorfer Plateau mat sech brénge géif, wier dann och geléist.

Alles dat mécht dës Projet net! An duerfir wäert d'DP géint dës Projet stëmmen.

Ech wëll awer nach eng Kéier kloer an däitlech rappeléieren, datt d'Demokratesch Partei fir de Bau vun enger neier Akerbauschoul ass, funktionell Gebailechkeeten, déi esou schnell wéi méiglech an déi konkret Realisatiounsphas solle goen. Fir d'DP ass et eng absolut Prioritéit, an d'Käpp vun deene jonken, zukunftege Baueren ze investéieren!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Elo huet den Här President vergiess, dem Här Haagen och nach d'Wuert ze ginn.

► **M. le Président.**- Den Här Haagen ass net ageschriwwen, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Also, wann en haut awer net hei erausgeet als Buergermeeschter an...

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Dir wësst, wou Gilsdorf läit?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat kann dach net sinn!

► **M. le Président.**- Här Negri, et ass un lech.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Lucien Clement Merci soe fir säin exzellente Rapport. Zu den Detailer vum Projet ass näischt méi derbäizéifügen - de Rapporteur war do exzellent -, duerfir wëll ech just e puer allgemeng Remarquë maachen.

Mir schwätzen an dësen Zäite vill dovunner, dass manner Suen am Budget sinn, dass mer musse spueren an och bei den Investitiounen Prioritéite setze mussen. Wann et awer Investitioun gëtt, déi entscheidend fir d'Zukunft ass an domat déi gréisste Prioritéit huet, dann ass et d'Investitioun an d'Schoulen an an d'Ausbildung vun eise jonke Leit. Hei dierf net gespuert ginn an et muss alles drugesat ginn, dass am Beräich vun der Bildung déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt ginn. Dat heescht net, dass eis Schoule wéi Palast mussen ausgesinn, mä mer brauche genuch adequat Raim, an deene kann enseignéiert ginn.



Wann een elo d'Évolutioun vun de Schülerzuelen am Lycée agricole kuckt, déi de Rapporteur eis presentéiert huet, a wann een déi bestehend Gebaier kennt, da weess een, dass et ouni Zweifel noutwendeg ass, en neit Gebai mat deenen néidegen Anlagen a mat engem Internet opzeriichten. De politesche Wëllen ass also do, fir d'Sue fir esou ee Projet zur Verfügung ze stellen.

Et sinn awer net nëmmen d'Suen, déi driwwer decidéieren, ob a wéi séier e Projet ka realiséiert ginn. Zu Lëtzebuerg gëtt et ganz oft Diskussiounen ëm dee gëeegente Site, an dat ass an deem Fall och net anescht. De Minister huet eis an der Kommissioun erkläert, dass et schwieereg gewiescht wier, e Site ze fannen, deen all d'Konditiounen erfëllt hätt. Eng Ackerbauschoul brauch nun emol net nëmme Klassesäll, mä och Terraine fir de prakteschen Unterrecht, an dat am beschten op engem eenzegem, zesummenhängende Site.

Fir d'Chamber ass et net ëmmer ganz einfach, ze beuerteelen, wat fir eng Alternativsiten existéiert hätten a wat d'Vir- an d'Nodeeler dovunner gewiescht wären. De Minister huet eis awer an der Kommissioun verséichert, dass verschidde potenziell Siten analyséiert gi waren an dass keen aneren déi gewünschte Kritären esou gutt erfëllt hätt wéi deen, deen elo ausgewielt gouf.

D'LSAP-Fraktioun vertraut dorop, dass déi Analyse gewëssenhaft an objektiv gemaach goufen an dass de gewielte Site dee beschtméiglechen ass. Et bleift awer sécher, dass net all d'Aspekter vun deem Projet de loi, deem Projet hei ideal geléist sinn, ënner anerem, wat d'Ubannung un den öffentlichen Transport betrëfft.

D'Gestaltung vum Accès zum Lycée an d'Ges-tioun vum Verkéier sinn zwee wesentlech Elementer, fir d'Akzeptanz vum Projet méi grouss ze maachen. D'LSAP-Fraktioun geet dovun aus, dass de Minister mat den Acteuren um Terrain an där Fro no enger beschtméiglecher Lösung sicht, fir dass d'Ackerbauschoul geschwënn iwwer eng adequat a modern Infrastruktur verfüge kann.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktion zu deemem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Negri. Als nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zweifellos huet déi fréier Akerbauschoul eng formidable Entwécklung hannert sech. Am Laf vun der Zäit ass déi Schoul e wichtegen Ausbildungszentrum ginn, deen der Lëtzeburger Landwirtschaft zeguttkënn.

Wann ee bedenkt, dass d'Schülerzuel vun ursprénglech just engem Grapp voll op mëttlerweil iwwer 650 Studenten a Studentinne geklommen ass, dass d'Ausbildungszäit vun zwee op fënnf bis siwe Joer erweidert ginn ass an dat eng ganz Rei vu Spezialisatiounen méiglech sinn, dann ass dat e klore Bewäis, dass et an där Schoul am Laf vum leschte Jorhonnert net un Dynamik gefeelt huet.

Eng wichteg Viraussetzung, fir dass déi Schoul hire Stellerwäert an hir Belëiftheet an eisem Lëtzeburger Schoulsystem behält, ass eng villfältig an héich qualifizéiert Ausbildung vu jonke Leit am Secteur agricole, mat theoreteschen a prakteschen Coursen. Virun allem an der Biolandwirtschaft läit zu Lëtzebuerg nach e grouss Potenzial, wat et ze notze géllt a wat och vu staatlecher Säit misst méi ënnerstëtzt ginn.

Datt d'Infrastrukture vun dem Lycée momentan mangelhaft sinn a längst un hir Grenze stousen, ass kee Geheimnis, a spëtstens nodeems de Bau vun der Laduno net méi zur Verfügung steet, ass et kloer, dass den theoreteschen a prakteschen Unterrecht net méi ënner gudder Bedéngungen ofleeft.

Mir stellen also net a Fro, dass Handlungsbedarf besteet an dass eng Lösung muss fonnt ginn, fir der landwirtschaftlecher Ausbildung hei am Land besser a gréisser Infrastrukturen ze schaffen. Et dierft allerdéngs net iwwerraschen, dass déi gréng Fraktioun mat där Fro un ufank u staark ëmstriddener Lösung net kann zefridde sinn. An et dierft och gradesou weineg iwwerraschen, dass mir deemem Projet de loi aus enger ganzer Rei vun Ursaachen net wäerten zustëmmen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an éischter Linn werft de Choix vum Site déi fundamental Fro op, firwat mir eigentlech Gesetzer a Reglementer brauchen, wann net emol d'Regierung sech seriö drun hält.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Bei deemem Projet schreckt se net virdrun zréck, direkt zwou Prozeduren ausser Kraaft ze setzen oder zumindest ze verwässeren: éischstens déi vum Plan sectoriel «Lycées» an zweetens déi wichteg an obligatoresch Prozedur vun der sougenannter Strategeschער Ëmweltprüfung, déi bei all grousssem Bauprojet muss virleien, ier iwwerhaupt emol en Accord zum Bau dierf ausgesprach ginn.

Mir wäeren dierfir frou, vun der Regierungsvertrieeder gewuer ze ginn, ob déi Ëmweltprüfung erfollgt ass oder net a wéi eng Konklusiounen - am Fall, wou - doraus gezu gi sinn. Well de Ministère vum Développement durable déi Konklusiounen muss aviséieren an de Gemengen e Bericht doriwwer muss zoukomme loossen, besteet hei weider e Klärungsbedarf.

Hunn déi zwou Gemengen Dikrech a Betten-duerf en Ëmweltbericht vum Ministère kritt? A wa jo, wéi ass et méiglech, dass keng Informatiounen dozou am Dossier ze fanne sinn? A wéi ass et méiglech, dass et esou laang dauert?

Schonn eleng opgrond vun där ongekklärter Situatioun stelle mir eis d'Fro, ob zu deemem Zäitpunkt iwwerhaupt eng Ofstëmmung iwwert dese Bauprojet sollt stattfannen. Wa säin Impact op d'Ëmwelt net am Virfeld analyséiert ginn ass, weess jo kee Mënsch heibannen, op wat e sech aléist. A wa säin Impact op d'Ëmwelt gepreift ass, dann huet och all Fraktioun d'Recht drop, d'Resultater vun där Prüfung gewuer ze ginn, gradesou wéi déi betraffe Gemengen. Am Tirang notze se net ganz vill.

En äusserst zweifelhaft Virgoe gesi mir och an der Netanhalung vum Plan sectoriel «Lycées». E Règlement grand-ducal vum November 2005 huet deem Plan sectoriel en obligatoresche Charakter ginn an huet, niewent enger ganzer Rei vu landesplanerischen Donnéeën, véier Begleedmoosname virgeschriwwen, fir d'Effikassitéit vun der Planung ze optimiséieren.

Zum Beispill sollt dierch des Begleedmoosnamen eng Standardiséierung vun den Infrastrukturen a vun der Raimlechkeeten erreecht ginn, fir dass d'Rad net bei all Planung nees nei erfondt muss ginn. Weinst der hiwweleger Topografie vum Terrain erweist d'Upassung vum Gebai u standardiséiert Kritäre sech evidenterweis als schwieereg, wann net souguer als onméiglech.

Dernieft schreift de Règlement grand-ducal och vir, dass schonn eleng de Choix vun neie Siten u streng a kloer Kritäre muss gebonne ginn. Zu deene Kritäre gehéieren och déi sougenannt Exklusivskritären, also an anere Wieder déi Kritären, déi d'Implantatioun vun engem neie Gebai aus ëmweltpoliteschen oder landesplanerischen Ursaache vun ufank un ausschleissen, wéi zum Beispill Iwwerschwemmungszonen a Penten.

► **Une voix.**- Hach!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Nodeems de Règlement grand-ducal 2006 a Kraaft getrueden ass a vun der deemoleger Regierung als grousser Fortschritt vun der Landesplanung duergestallt ginn ass, setzt des Regierung deeselwechte Règlement grand-ducal sechs Joer duerno nees ausser Kraaft an entscheet sech fir e Site, deen, weinst senger staarker Pente - iwwerengeng Pente mat 50 Meter Héichten-ënnerscheed -, nimools hätt dierfen a Fro kommen, fir eng Schoul oder en anert Gebai drop ze bauen.

Säit jeehier ware staark Hiwwelen en Tabu, wann et ëm d'Genehmigung vu Bauprojete gaangen ass. An deemem Projet schéngt deen Tabu net méi ze gellen.

(*Interruption*)

Déi éischter zréckhalend oder scho bal ironesch Fro vum Statsrot, ob d'Regierung dann eigentlech déi virgeschriwwen Prozeduren agehalen huet, kann also hei mat engem klore Neen beäntwert ginn.

Sou eng Approche ass an eisen Aen äusserst verwerflech a werft och d'Fro op, wéi et da mam verbindleche Charakter vun der folgende véier Plans sectoriels wäert ausgesinn, wann ee schonn an deemem Stadium e Paradebeispill erlieft, wéi einfach et ass, e Plan sectoriel ze ëmgoen. Mir hoffen, dass déi wichteg Pläng a puncto Transport, Logement, Zones protégées a Zones d'activités, op déi mer scho säit Jore waarden, net datselwecht Schicksal erleide wéi de Plan sectoriel «Lycées», mä zu engem obligatoreschen Instrument fir eng nohalteg Landesplanung ginn, wou keng Ausnahm dierf zougelooss ginn.

Eng weider Kritik vun der grénger Fraktioun bezitt sech op déi äusserst zweifelhaft Berechnung vun der Bebauungsfläch, vun där schonn direkt dräi Hektar onbenotzbar sinn, well d'Pente et net zouléist. Hei stellt sech natierlech d'Fro, firwat déi Fläch dann iwwerhaupt zum Projet ge-

rechent gëtt a wiem déi Fläch gehéiert a wat zum Beispill hire Präis ass.

D'Gréisst vun der Fläch werft eng weider Fro op. Vu dass vill Land fir de Blummenubau, de Gaardebau, fir Pépiniären a Produktionsflächen zur Verfügung muss stoen, missten, dem Statsrot senger Aschätzung no, zousätzlech zu deemem Site 27 Hektar op enger anerer Plaz mobiliséiert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Zweedee-lung ass an eisen Aen äusserst bedenklech, well se net nëmmen zu engem groussen Zäitverloscht féiert, mä virun allem och zu engem permanente Va-et-vient vun engem Site zum aneren, woubäi et kloer ass, dass d'Mobilitéit bei deemem Projet souwisou e grouss Problem wäert duerstellen.

Woumat ech beim Transport sinn, dee jo eigentlech eent vun de wichtigsten Elementer bei der Planung vun neien Infrastrukture soll sinn. Éischstens sinn öffentlech Transportmëttel op deemem Site opgrond vu senger Topografie nëmme beschränkt asetzbar, sou dass den Individualverkéier noutgedronge wäert d'Prioritéit hunn.

Zweetens geet Rieds vun engem Rond-point direkt hannert enger schaarfer Kéier op der Strooss a Richtung Larochette. Och mat där Iddi kënnen mer eis net ufrënnen, well se sécherheetstechnesch net einwandfrei ass an e grouss Geforepotenzial opweist.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Eng Ubannung zu deenen anere Lycées vum der Nordstad, déi zimlech gutt un den öffentlichen Transport ugeschloss sinn, ass net iwwer Bus- oder Zuchverbindungen realisierbar, mä just iwwer e 450 Meter laange Fousswee. Dat ass eng gutt Saach, virun allem fir sportlech Leit,...

► **Une voix.**- Voilà!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ...déi vill Zäit hunn.

► **Une voix.**- Ah!

(*Hilarité*)

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Realistesche gesi kann dee Wee awer net d'Léisung sinn...

(*Interruption*)

...fir all déi Leit, déi de Site innerhalb vu kuerzer Zäit müssen erreechen, u streng Schoulhorairé gebonne sinn an deemno wéi och Material müssen transportéieren.

Eng Busverbindung vun deenen dräi scho bestehende Schoule vun der Nordstad eriwuer zum Lycée technique agricole ass net realisierbar, sou dass d'Zuel vun de Bussen, déi dierch Dikrech wäerten zirkuléieren, noutgedrongen zouhëlt. Um zentrale Standuert, deen ursprénglech am Masterplan Nordstad virgesi war, hätt de bestehende Busverkéier rationell genotzt kënnen ginn. Mä aus onerklärleche Grënn ass déi Variant bekanntlech fale gelooss ginn.

Domat kommen ech bei der Masterplan vun der Nordstad, deen eigentlech als Objektiv hat, déi zentral Achs tëschent Ettelbréck, Ierpeldeng an Dikrech gezielt ze erschleissen, déi scho bestehend Zentren ausbauen an domat opzewäerten an en Eparpillement vun den Aktivitéiten an all Richtungen hin ze verënnern.

Souwuel aus landesplanerischer wéi och aus ökologescher an ekonomescher Siicht wär déi Approche eiser Meenung no déi richtig gewiescht. Si hätt et souguer erlaabt, d'Pépinière vun der Schoul no Süden hin auszerichten, an net, wéi um geplangte Site, no Norden hin, wat fir den Ubau vu Planzen eigentlech net ganz sënnavoll ass.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass d'Léisungen net ëmmer op der Hand leien, streide mir net of. Mä all Kompromëss huet seng Grenzen. E Projet mam Briecheisen duerchesetzen, ouni d'Prozeduren ze beuechten an ouni Rücksicht op Verloscht, ass net an eise Sënn. Virun allem net dann, wann d'Mobilitéitsfro net zugonschte vum öffentlichen Transport geléist ka ginn, wann déi nohalteg Landesplanung eng weider Kéier zur Niewesaach gëtt, wa kee weess, wéi eng Auswierkungen de Projet op d'Ëmwelt wäert hunn!

Am Numm vun der grénger Fraktioun hoffen ech dowéinst, dass de Bau vun deemem Lycée haut net gestëmmt gëtt a verlosse mech dobäi net nëmmen op d'Kolleeginnen a Kolleegen vun der Demokratescher Partei, mä och op de Buergermeeschter vun Dikrech, deen deemem Projet nëmme ka kritesch vis-à-vis stoen.

Ech soenlech Merci.

(*Interruptions diverses*)

► **M. le Président.**- Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen alleguerten, dass mer eng Ackerbauschoul musse kréien, well d'Landwirtschaft brauch eng Ackerbauschoul, fir fonctionnel ze sinn. Mir sinn och dierfir, dass do ganz vill investéiert gëtt. Ech mengen, an deemem Projet gëtt vun 100 Milliounen Euro geschwat. Do kenne mer awer net d'Fraisé vun der Infrastruktur, déi nach mussen derbäikommen. Et ass wierklech enorm!

Mir géifen zwee Aen zoumaachen ouni Problem, wann dee Site dann effektiv vu jiddwerengem géif gedroe ginn. Mä vu dass awer dese Site net vu jiddwerengem gedroe gëtt, an haaptsächlech emol net vun de Buergermeeschtere vun deene Regiounen, weder vum Buergermeeschter vun Dikrech nach vum Buergermeeschter vun Ettelbréck, da froen ech mech, firwat dass d'Regierung den Norde verluer huet.

(*Interruptions diverses*)

Ech mengen, et kann awer net sinn, et ka jo awer net sinn, Här Minister, dass der praktesch géint Är eege Leit hei ee Projet opzwingt, wou mer dann herno ee ganz, ganz grouss Rate-schwanz wäerte kréien. An ech mengen, den Här Etgen huet jo ganz gutt geschwat hei. En huet datselwecht geschwat wéi... Ech hätt datselwecht gesot wéi hien, wann ech als Éischte geschwat hätt. D'Madame Lorsché huet och datselwecht gesot.

Ech mengen, mir sinn als ADR fir eng Kéier mat deenen zwou Parteien d'accord. An dofir wäerte mir deemem Projet net zoustëmmen.

An ech froen den Här Minister: Wat geschitt, wann de Buergermeeschter seng Autorisation net gëtt? Wéi laang wäert dat dann daueren? Hutt der Iech do schonn iergendwéi Gedanke gemaach? Wäert dese Projet dann, och dierch d'Kris bedéngt, iergendwéi esou laang wéi d'Nordstrooss daueren, dat heescht, méi wéi zéng Joer?

Ech mengen, dass ass jo den Haaptproblem. Dat ass jo den Haaptproblem, dee sech muss stellen: Mir hu keng Suen! Mir baue falsch! An da kréie mer nach keng Genehmigung. Wéi laang wäert dat daueren?

Ech soenlech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. D'Wuert kritt elo den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech ka mech erënnern, 1987 sinn ech an der Ministère de l'Éducation nationale als Attaché schaffe gaangen, an eng vun deenen éischten Diskussiounen, déi mer sengerzäit haten, dat war déi iwwert de Site vun der Akerbauschoul. An der Fernand Boden, dee sengerzäit och Éducatiounsminister war, deen huet mer gesot, dass '79 schonn d'Akerbauschoul, eng nei Akerbauschoul, en neie Site op der Prioritéitslëscht vun der Éducation nationale stoung!

Vill Diskussiounen, hin an hier, an et war ni e Site gutt. Et war ni e Site ideal. Et ass ni eng Décisioun geholl ginn, a mir si mat deemem Projet manifestement jorzéngtelaang net weiderkomm.

Et gëtt an där ganzer Diskussioun, an där ganzer Nordstad net nëmmen deen do Sujet, deen ee muss diskutéieren, wat d'Implantatioun vu Schoulen ugeet. Dir hutt gesot, mir sollen dat Ganz eng Kéier kucken, den Ensembleng Kéier kucken, wéi et mat de Schoulen an där Nordstad ass.

Ech wëll mer eng Minutt Zäit huelen, fir Iech doriwwer och ze schwätzen, fir ze weisen, wéi dat Bild wesentlech méi komplex ass wéi all déi Rieden, déi elo hei gehale gi sinn an déi am Fong keng Solutioun bruecht hunn, déi just ëmmer nëmme gesot hunn: Mir sinn dofir dergéint, dofir dergéint, dofir dergéint... Mä wou et da soll geschéien a wat soll gemaach ginn, dat huet awer keen hei gesot!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Mir hunn eng Diskussioun iwwert de Lycée technique Ettelbréck, dee manifestement Strukturen huet, déi ze kleng sinn an déi net méi uerdentlech sinn, dee muss erweidert ginn.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert d'Akerbauschoul, déi si mer amgaang ze féieren.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert de Lycée vun der Professions de santé, dee muss en neit Gebai kréien.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert de Centre national de formation professionnelle continue, de CNFPC, dee muss nei Gebaier kréien.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert deen neien Nordstadlycée, deen a Containeren ënnerbruecht ass, deen nei Gebaier muss kréien.



A mir hunn och an där leschter Zäit - ech soen dat just a Klammeren hannendrun - dee ganze Lycée, dee ganzen Dikrecher Kolléisich frëschgemaach, och mat ganz villen Investissementer. Just fir lech déi ganz Froestellung eng Kéier ze stellen.

Mir wollten eng Léisung bréngen, fir an deem Dossier do weiderzekommen. Well et ass eis iergendwou eng Kéier duergaange mat dem Diskutéieren a mat näischt gutt sinn. Iergendwou huet een elo eng Kéier missen décidéieren, wou deem Akerbaulycée dann huet missen hikommen, déi Décisioun huelen an och weiderkommen.

An ech ginn lech dann elo d'Argumenter,...

(Interruption)

...firwat mer esou an net anescht décidéiert hunn. Well dat ass e ganze Komplex vu Froen, dee sech hei stellt.

Deen éischte Komplex, dat ass: Mir wollten an der Nordstad bliwven. Ech weess, datt den Ettelbrécker Buergermeeschter net ganz frou war sengerzäit, fir de Lycée agricole - grouss Tradition zu Ettelbréck - aus Ettelbréck ze verléieren. Mä an der Diskussioun vun der Nordstad - well hien a wéivill anerer och déi Nordstad seriö huelen - ass dat awer mat akzeptéiert ginn, well et awer an der Nordstad bleift.

Ech weess a soen lech awer och, datt vill aner Gemengen aus dem Norde vum Land an aus aneren Deeler vum Land, wa mer géife soen, deem Akerbaulycée kënn an eng aner Gemeng wéi an déi vun der Nordstad, dee ganz gär géifen huelen a ganz gär géife Jo soen. Mir wëllen dat awer net. Mir wëllen en an der Nordstad loossen, well et eis logesch schéngt, datt en dohinner kënn. Keng Décisioun gefält zu honnert Prozent. Mä et gëtt eng ganz Rei Argumenter, déi fir déi heite schwätzen.

Ech wëll lech och eng Kéier erzielen, wéi dat Ganzt gaangen ass an der historescher Evoloutioun, fir op dee Site hei ze kommen.

Et war am Ufank eng Diskussioun iwwer 15 Siten an der Nordstad gefouert ginn, déi alleguer analyséiert gi sinn, fir ze kucken, wat fir eng géife correspondéieren a wat fir eng net, iwwert den Aménagement du Territoire, mat deem senge Kritären ee gekuckt huet, wéi et géif goen, d'Kritären iwwert den Aménagement du Territoire, iwwert d'Accessibilité, iwwert d'Qualitéit vum Site a seng Fonctionnalitéit an iwwert d'Faisabilitéit.

Aus där Etüd si siwe Siten erausgeholl ginn. Et sinn der nach aacht bliwwen. Duerno ass nach eng Kéier iwwert déi aacht Siten eng Analys gemaach ginn. Duerno sinn nach dräi Sitë bliwwen. Déi Analys ass gemaach ginn, fir ze kucken, wou mer kee Voisinage direct hätten, wou den Terrain deelweis schonn a staatlech Besëtz wär, wou Acquisitiounsméiglechkeete vun den Terraine wäeren, wou Synergie wäre mat anere Strukturen, déi schonn de toute façon do wäeren, wou aner Surfacen nach disponibel wäeren.

Alles dat si Saachen, déi gekuckt gi sinn, wéi d'Analys gemaach ginn ass. Dräi Sitë sinn zréckbehale ginn: Dat ass éischstens deem op der Laduno, Dir hutt e scho genannt, dat anert ass deem tëschent Angelduerf an Dikrech, Walebroch als Site, an deem drëtt ass Gilsdorf, déi do zréckbehale gi sinn.

An alles dat, wat mer virdu gesot hunn, déi Kritären: keng inondabel Zon, kee Voisinage direct, Terrainen, déi zu grousssem Prozentsaz schonn dem Stat gehéieren, d'Synergien, déi méiglech ginn, d'Acquisitioun vun Terrain, déi op deem Site méiglech wär, grouss Surfacen, déi disponibel waren - well mer bei der Akerbauschoul grouss Surface brauchen -, d'Méiglechkeet, fir och nach aner Installatiounen dohinner ze maachen, huet eis schlussendlech dohinner beweegt, fir de Site vun deem do Terrain erauszehuelen, well en deem correspondéiert huet, wat mer ganz einfach fir deem do Typ vu Schoul gebraucht hunn.

An da soen ech lech awer och, wat fir déi aner Schoulen nach zréckbehale ginn ass, just fir Aert Bild komplett ze maachen, well all aner Terraine jo dann och nach vun lech mat duerchdiskutéiert ginn.

Déi éischt Fro, dat war jo déi: Wat maache mer mam ale Gebai vun der Akerbauschoul? Manifestement, Dir hutt et all gesot, net méi gebrauchbar, fir deem hei Zweck ze kleng, muss ëmgebaut ginn. Déi éischt Fro war jo: Mä kënnen mer d'Akerbauschoul dann net do loos-sen? An d'Äntwert war ganz kloer: Neen, si brauch aner Gebailechkeeten.

Duerno war eng éischt Décisioun, déi gesot huet, mä da kommt, mer kucken, datt mer eventuell, wann déi al Akerbauschoul eraus ass, deem neien Nordstadlycée, deem elo a Containeren zu Dikrech ass, datt mer deem dohinner ëmplanzen! Dat wär eng Méiglechkeet gewiescht.

Haut ass awer d'Analys esou wäit, well d'Evoloutioun vun den Zuelen, déi mer aus der Education nationale kréien - an ech wëll just soen, all déi Projektiounen, all déi Projeten hei ginn zesammen, selbstverständlech, mat der Education nationale gemaach -, ass gesot ginn, mir huelen déi al Akerbauschoul a mir kucken, ob et net méi sënnvoll wär, dem Lycée technique Ettelbréck - deem awer haut a Plazmangel ass, deem nei Infrastrukture brauch -, mir kucken deem déi Infrastrukture eventuell zoukommen ze loos-sen, just op där anerer Säit vun der Strooss, déi e brauch. Dat mécht dach Sënn, wann een et esou mécht!

Dat Zweet, dat ass, datt mer kucken, fir de Lycée vun de Professions de santé och op där Plaz ënnerzekeréien, well et ass jo sënnvoll, wann een d'Professions de santé net wäit ewech implantéiert vun deem neie Spidol selwer. Duerfir soll déi do op déi Plaz kommen. Dat ass e Projet, deem elo 2012 wäert fäerdeg gemaach ginn an d'Préparativë vum Terrain gemaach ginn an 2013 wäert an de Bau goen.

Den CNFPC, do gëtt gekuckt momentan op zwee Terrainen. Dat ass en Terrain zu Schieren vu 4,2 Hektar, deem eventuell sech kéint appropriéieren, also deem eventuell kéint deem entsprechen, wat mer do brauchen. Et muss een oppassen, well nach 25% ronn vun deem Terrain do Zones inondables sinn oder et ass en Terrain, ech mengen, dee vun deem Dir schwätzt, um Walebroch, deem elo gekuckt gëtt.

Ech soen, deem Terrain, deem appropriéiert sech awer, wat d'Gréisst ugeet, sécherlech net fir eng Akerbauschoul. Deem appropriéiert sech eventuell fir en CNFPC, mä et muss een elo nach oppassen, well e ganz grouss Problem mam Héichwaasser op deenen Terrainen ass. Do musse mer nach weider analyséieren, wat mer kënnen a wat mer net kënnen do maachen.

An dann, schlussendlech, de Lycée agricole op Gilsdorf. Firwat dann op Gilsdorf? Mä well mer zu Gilsdorf awer trotzdeem 15 Hektar hunn. Wou hu mer da 15 Hektar, déi mer kënnen fir e Schoulkomplex gebrauchen? 15 Hektar ass enorm grouss! Normalweis brauch ee fir eng Schoul fënnf bis sechs Hektar. Hei ass et awer eng speziell Schoul, wou mer kënnen op déi fënnf bis sechs Hektar dann d'Schoulgebai effektiv oprichten an déi aner Terrainen, siwe bis aacht Hektar, gebrauchen, fir awer genau dat, wat déi Schoul muss léieren; dat heescht a sech fir den Akerbau schonn um Site selwer vun der Schoul gebrauchen.

Siwe bis aacht Hektar gi fir déi Aktivitéite gebraucht, wou d'Pépinière fir de Gaardebau gemaach ginn, Pépinière fir Activités forestières, wou en Arboretum gemaach gëtt. 6,25 Hektar prezis ginn do esou gebraucht. Wou hätte mer dat dann anzwousch anescht fonnt?

Dat erlaabt jo awer d'Schoul och ganz anescht ze organiséieren. Well, wat erlaabt et eis? Dir hutt virdu geschwat, datt nach en anere Site vu 24 Hektar misst gemaach ginn. Mä ech wëll lech just soen, haut, esou wéi d'Schoul fonctionnéiert, fonctionnéiert se op fënnf Siten oder op véier Siten actuellement nach.

Et ass notament dat, wat se d'Ferme Scholtes nennen, déi 24 Hektar huet, déi actuellement schonn existéiert, déi muss natierlech bäibehale ginn, gradesou wéi d'Ferme Leider vun 1,5 Hektar muss bäibehale ginn. Mä wat awer kann ewechfalen, dat ass d'Laduno, déi gëtt schonn... momentan ass keng Aktivitéit méi do, an och Colmar-Bierg, déi net méi gebraucht ginn.

Dat heescht, mir hunn e ganz anert Regroupement, wat ka gemaach ginn, mat Zentrum déi hei Schoul, mat enger ganzer Rei vun Aktivitéite ronderëm an nach zwee aner Siten, déi dann och nach gutt geleeë sinn, well se an deemselwechten Deel vun der Nordstad leien an net en Transport duerch d'ganz Nordstad brauchen.

Dat mécht dach Sënn, wann een et esou mécht! Dat gëtt dach e kohärenten an e logeschen Ensembl, fir dat do esou ze maachen. An duerfir ass d'Regierung och zu där Konklusioun komm.

An dann, schlussendlech, den Nordstadlycée, deem och nach hannendrukënn, deem elo an de Containeren ass an déi mer mussen eraus hunn. Do si mer amgang ze kucken - ech weess awer net, wéi wäit mer kommen -, ob mer net déi Méiglechkeet hunn, fir deem zu lerpeldeng eventuell ze implantéieren op Terrainen, déi do disponibel wäeren. Kéinte mer dat, wäre mer och op engem ideale Site, fir dat esou ze maachen. Ech hoffen, datt mer an deem Dossier och weiderkommen.

Géife mer dat Ganzt hibekommen, da verstinn ech awer net, firwat hei gesot gëtt, datt mer net fir déi ganz Nordstad e komplett Bild hätten, wéi déi Entwécklung sollt an Zukunft geschéien: déi Lycéeën op deene Plazen, wou mer

se brauchen, fir datt se uerdentlech pädagogesch kënne fonctionnéieren.

An da stellen d'Gemeng Dikrech an all déi aner Gemengen aus der Nordstad natierlech eng Rei berechtigt Froen, op déi ee muss Äntwerte fannen.

Déi éischt Fro, dat ass déi vun dem Trafic. An do muss ech och méi eng wäit Äntwert ginn, well fir d'Éischt muss een emol ganz kucken, wéi den Trafic an der Nordstad a prezis zu Dikrech fonctionnéiert. Duerfir ass amgang dat Concept de mobilité ausgeschafft ze ginn, an haaptsächlech ass och e Konzept schonn där neier an där aler Gemeng iwwert d'Reorganisatioun vum Réseau routier vun Dikrech virgestallt ginn, wou och elo nach en Zoom op speziell déi hei Géigend gemaach gëtt.

Ech muss do soen, wa mer zu Dikrech dee Sens unique eng Kéier wëllen opbriechen, wat, mengen ech, awer jiddwerengem aliicht, datt et eng Kéier muss gemaach ginn, da komme mer schlussendlech net iergendzwousch eng Kéier laanscht en „Contournement Norden“ vun Dikrech, och wann dat net jiddwerengem gefält.

Mä wann dat Verkéierskonzept an der Nordstad an zu Dikrech soll ëmgesat ginn, da muss dat natierlech am Plan sectoriel erschéngen, datt esou e Contournement ka gemaach ginn, deem da ganz Dikrech an der ganzen Zentrum entlaascht an dann eis och ganz aner Méiglechkeete gëtt, fir de Verkéier do ze leeden. Do ass den APS, deem ass quasiment fäerdeg. Am Kader vum PSD muss dat ageschriwwen ginn an d'Étude d'impact fir déi Strooss ass och amgang gemaach ze ginn.

Wat ass dann haut d'Influenz vun der Akerbauschoul op de Verkéier? Dat wëll ech och eng Kéier soen, well och hei gëtt jo da gesot: Elo kënn massiv, massiv Verkéier derbail! Mä ech wëll lech just soen, den Nordstadlycée, deem haut do ass an de Containeren, deem huet jo awer 400 bis 500 Schüler elo schonn, déi do sinn. Dee kënn jo awer ewech op där dote Plaz.

An d'Capacité maximale vun deem Lycée, deem elo dohinnerkënn, dat sinn 800 Schüler, déi awer net ëmmer sur site sinn, well se nach eng ganz Rei aner Siten hunn a well jo hir Horairen och ganz anescht sinn, esou datt een awer muss hei trotzdeem soen, wann zousätzlech Problemer opkommen, datt mer awer hei an Norme leien, wou een net ka schwätze vu massiven zousätzlechen Iwwerlaaschtungen heider. Dat ass sécherlech net de Fall!

A wann ech vum öffentleche Verkéier schwätzen, do hu mer och ofgemaach, datt mer uewe bei dem Lycée fënnf nei Halte vu Busse maachen an datt mer och ënne bei den aktuelle Lycéeën natierlech déi Haltestelle wäerte vergrësseren, fir eis fir den öffentlechen Transport méi Capacitéien ze ginn a fir dat och besser ze organiséieren.

D'ailleurs, dee Rond-point op der N14 kascht 2,5 Milliounen Euro, ass awer net hei virgesinn am Projet selwer, well et e Projet vu Ponts & Chaussées ass, dee separat als Émbau vu Routes Nationales gefouert gëtt, esou wéi dat normal ass. Mä vu datt Der de Präis wollt wëssen, ass dat de Präis, deem ech nach am Kapp hat an ech ginn dovunner aus, datt en och richtig ass.

Dann hu mer och selbstverständlech enger ganzer Rei Suergen, déi eis notament vun der Dikrecher Gemeng, där heiteger, där fréierer zougedroe ginn, probéiert Rechnung ze droen. Alles konnte mer net, mä eng Rei Saache sinn awer sécher gemaach ginn.

Déi éischt, déi Haaptfro, déi sech gestallt huet, déi Dir och gestallt hutt, dat ass jo déi vun der Intégration paysagère. Ech muss soen, dat ass eng richtig Suerg, mä kuckt awer och elo déi Architektur, déi hei gemaach gëtt! Kuckt se emol eng Kéier, déi Biller, déi do gemaach gi sinn, wéi dat kéint ausgesinn! Ech soen, datt déi Architekten hei sech enorm vill Méi gemaach hunn, datt mer a sech relativ déif gebaut hunn, datt mer an Terrasse gebaut hunn, just fir eng uerdentlech Integratioun vun der Architektur an de Paysage hei ze kréien. An ech mengen, datt se och gelongen ass, esou wéi se elo ausgesäit.

Dann ass d'Fro vum Internat, wou gesot gëtt: Mä kënn Der dat dann net op eng aner Plaz maachen, d'selwecht wéi d'ASTA, de Laboratoire an d'Chambre d'Agriculture? Do hunn ech zwou Äntwerten, déi ech gäre ginn.

D'Internat schéngt mer zwar sënnvoll bei der Schoul hei ze sinn, an ausserdeem, wann ech iwwer Trafic schwätzen an ech soen, ech maachen en Internat bei d'Schoul selwer, dann ass dat jo zu engem Deel schonn, datt ech Trafic wëll évitéieren. Well, wann ech d'Internat anzwousch anescht setzen, da generéieren ech jo Trafic. Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet, dat ass, fir d'Gestioun vun der Schoul ass et jo awer och wesentlech méi einfach, wann dat Internat bei der Schoul ass. Haut zu Ettelbréck ass et och bei der Schoul an et fonctionnéiert gutt, an duerfir si mer der Meenung, datt dat en Ensembl ass.

De Projet ASTA an de Projet Chambre d'Agriculture, dat ass en zweete Projet, doriwwer muss een nach selbstverständlech diskutéieren, si mer och selbstverständlech fir eng Diskussioun op, mä ech soen lech awer och, wou déi Iddi hierkomm ass.

Déi Iddi ass hierkomm aus der Agrikulturwelt, well mer gefrot gi si sengerzäit, fir ze soen, elo hu mer emol eng Kéier déi Chance, op engem grouss Site eppes fir d'Agrikultur ze maachen, andeems mer eppes kreéieren, wou de sämtleche Monde agricole sech kann identifizéieren an zesammen dohinner kommen. Dat war d'Demande, déi aus der Agrikultur komm ass, déi eis och logesch an déi eis och sënnvoll geschéngt huet. An duerfir hu mer probéiert effektiv op engem Site déi sämtlech Utilitéite vun der Agrikultur ze implantéieren.

Wann dat net gewollt an net gewünscht ass, ass et jo nach eng aner Diskussioun elo. Mä dat war awer d'Zilsetzung, well et eis sënnvoll a logesch geschéngt huet. Ech géif déi Diskussioun do nach eng Kéier mat lech, mä haaptsächlech och mat de concernéierte Kreesser am Detail féieren, fir ze kucken, wéi mer do weiderfueeren.

Dann all déi Froe vu Reewaasser sinn och probéiert ginn, esou gutt wéi méiglech ze léisen. Et si vill Efforté gemaach ginn: e Bassin de rétention, deem en surface gemaach gëtt, wou mer dach awer Drockleitung vu 600 mm Duerchschnitt an 800 m Längt - ce qui n'est pas rien - bauen, fir just all deene Souciën, déi d'Gemeng huet, Rechnung ze droen.

Datselwecht ass fir d'Schmoltzwaasser, wou zesumme mam SIDEN deeselwechten Tracé wéi fir d'Reewaasser gewiescht ginn ass bei d'Sauer, an duerno en Uschloss un de Kollekteur vun der SIDEN mat engem DN250-Rouer vun enger Längt vun 1.200 m, wat och e grouss Projet ass, just fir hei all deene Bedenke Rechnung ze droen.

D'Gemeng hat eis och gefrot, dat Ganzt un de Réseau de chauffage urbain unzeschleissen, dee si hunn. Do konnte mer net positiv äntworten, well einfach déi Leitungen an eisen Aen ze laang gewiescht wäeren an d'Perte de chaleur ze grouss, fir dat Gebai uerdentlech ze bedéngen, a well mer hei just op deem do Site eng Holzhackschnitzelanlag preferéiert hunn, Copeaux de bois preferéiert hunn, wat jo och an esou engem Projet wéi deem vun der Akerbauschoul duerchaus sënnvoll ass, fir genau deem do Heizungstyp op deem Site hei ze maachen.

Wat d'Dränkwaasser ugeet, do huet d'Gemeng Bettenduerf eis confirméiert, datt et och mat deene Quantitéite kee Problem wär, fir et do ze maachen.

Nach ee Wuert vläicht iwwert d'Prozeduren, well ech denken, datt dat e weëneg net der Realität entsprach huet, wat elo hei gesot gouf. Déi SUP, déi gemaach gëtt, dat ass jo keng SUP fir d'Gebai selwer. Dat ass eng SUP, eng „Strategische Umweltpflicht“, déi gemaach gëtt, well eng Émklasseierung vun de Gemenge vum Terrain muss geschéien. A selbstverständlech, mä dat do ass awer eng ganz normal Prozedur, datt mer déi Prozedure vu Klasséierungen hunn, déi d'Gemenge muss maachen, respektiv déi Prozeduren, déi mer muss maachen, fir all méiglech Autorisatiounen ze kréien. Dat ass awer bei all Projet, bei all Projet ginn déi gemaach, während d'Gesetz gestëmmt gëtt respektiv nodeems et gestëmmt ass.

Mir maachen et hei genau d'selwecht wéi bei all anere Projet an do gëtt keng Ausnahm gemaach, a wann an där enger, an där anerer Autorisationsprozedur nach Froen opkomme vun Administratiounen, da gëtt selbstverständlech deene Rechnung gedroen! Mä dat ass hei wéi bei all anere Projet, näischt anescht wéi bei all anere Projet.

An ech wëll just soen, datt dat hei fir mech am ganze Konzept vun de Lycéeën an der Nordstad a vun deene Besoinen, déi mer hunn,...

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir misst awer elo lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- ...a mat dem Wëllen, fir weiderzekommen, e gudder Projet ass.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.



► **M. le Président.**- Merci.

Jo, den Här Gibéryen, wann ech gelift.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wéilt den Här Minister nach just froen, Här President, ob en eis kéint soen, wéini datt e géif gedenken, datt de Projet um Terrain géif ugoen.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Dat hei ass e Projet, deen elo selbstverständlech och déi ganz Prozedure muss nach duerchlafen, déi mer bei all Projet mussen duerchlafen. Ech weess net, et kann een ni, vu datt déi Prozeduren net vun eis ofhänken, definitiv en Ufanksdatum soen. Ech schätzen, datt mer nach ee bis zwee Joer brauchen, eier de Projet kann an de Bau goen, an duerno eng dräijähreg Bauzäit, also zwee Joer bis an de Bau, dräijähreg Bauzäit, esou wéi dat bei all Projet ass. Dat ass dat, wat mer eis virhuelen, fir mat deem Projet hei weiderzkommen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6287 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet ass ugeholl mat 37 Jo-Stëmmen, géint 21 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Lucien Clement), Marc Lies (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Georges Engel, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer).

Ont voté non: M. Claude Haagen;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

► **Une voix.**- Neen!

(Interruptions diverses)

(Assentiment)

► **M. le Président.**- Dann ass dat esou déci-déiert.

Elo kritt d'Wuert den Här Henri Kox, fir eng Motioun ze déposéieren.

9. Dépôt d'une motion par M. Henri Kox

Exposé

► **M. Henri Kox (déi gréng), auteur.**- Merci, Här President. Ech wéll hei am Numm vu sämtleche politesche Parteien a Sensibilitäten eng Motioun déposéieren, fir Cattenom dann awer elo definitiv eng Kéier zouzekréien. No deem, wat mer alles an de leschte Méint matkritt hunn, och iwwert déi Expertenaussoen, déi mer héieren hunn, an nodeems och net méi spéit wéi gëschter eng weider Etüd vu Greenpeace déposéiert oder presentéiert gouf, menge mer, dass mer alles müssen ënnerhuelen, fir dann awer och bei Cattenom eng Kéier Satisfaktioun ze kréien.

Mir fuerderen dofir d'Regierung op, déi och mat dëser Motioun d'accord ass, fir kënnen, éischstens, eng diplomatesch Initiativ ze ënnerhuelen, fir direkt op Paräis kënnen eis Revendicationen ze maachen, wëssend, dass mer den 8. Mee jo eng wichteg Entscheidung a Frankräich hunn, dass mer eis elo schonn opstellen, fir matzäite kënnen dann och eng diplomatesch Missioun dohinner ze ënnerhuelen. An

zweetens, wat awer nach vill méi wichteg ass, dat ass, eis juristescht gutt opzestellen, fir kënnen all Moyenen ze erwägen, fir eng Lafzäitverlängerung ze verhënneren.

Well et ass dat, wou mer nach e Moyaen gesinn, fir kënnen ze intervenéieren. Et ka jo net sinn, dass elo Cattenom lafend no enger Procédure décennale ëmmer erëm verlängert gëtt, ouni Abezëiung vun den Nopeschlänner, ouni Abezëiung vun der Bevëlkerung.

Zwëschenzäitlech hu mer eng ganz Rei vun Direktiven iwwerholl, sief et am Ëmweltberäich, sief et an der Informatioun bezüglech der Bevëlkerung, sou dass och Cattenom där Prozedur muss ënnerluecht ginn. Mir fuerderen dofir d'Regierung op, esou wéi dat och an den 80er Joren de Fall war, nämlech eng juristescht Etüd ze ënnerhuelen, sou dass mer och all Moyaenë kënnen dann a Kraaft huelen.

Ech soen lech Merci.

Motion

La Chambre des Députés,

- vu les motions adoptées par la Chambre des Députés en date du 7 avril 2011, du 5 mai 2011 et, la plus récente, du 1^{er} février 2012 au sujet des «Tests de résistance menés sur la centrale nucléaire de Cattenom»;

- vu la recommandation du Conseil Parlementaire Interrégional de la Grande Région (CPI), votée à l'unanimité le 10 juin 2011 à Metz;

- vu le discours du Premier Ministre sur l'état de la nation du 6 avril 2011: «C'est ainsi que nous avons le droit de nous voir apporter la preuve que si un jumbo jet aux réservoirs pleins s'écrasait sur la centrale nucléaire de Cattenom cela ne pourrait pas provoquer de catastrophe radioactive. À défaut de fournir cette preuve, la centrale de Cattenom doit être arrêtée. De toute façon, nous sommes d'avis qu'une prolongation de la durée de fonctionnement des réacteurs de Cattenom ne doit pas être accordée, et nous communiquerons notre point de vue au Gouvernement français.»;

- vu le rapport final de l'expert indépendant en sécurité nucléaire, Monsieur Dieter Majer, élaboré à la demande des Gouvernements du Luxembourg, de la Sarre et de la Rhénanie-Palatinat, aux conclusions inquiétantes;

- félicitant les ministres du Luxembourg et des Länder allemands de la Sarre et de Rhénanie-Palatinat en charge de la sécurité nucléaire, pour avoir tiré une conclusion politique commune des différents rapports relatifs aux tests de résistance, à savoir le refus catégorique de toute prolongation de la durée d'exploitation de la centrale nucléaire de Cattenom et sa fermeture définitive à court terme;

- rappelant qu'en cas d'accident grave, la centrale nucléaire de Cattenom aurait des conséquences directes sur plus d'un million d'habitants dans les régions limitrophes et notamment sur ceux vivant dans un périmètre d'évacuation de 30 kilomètres, zone qui inclut tout le sud et la capitale du Grand-Duché de Luxembourg;

- insistant sur le fait que la contamination d'une zone de 30 kilomètres autour de Cattenom menacerait instantanément la survie du Luxembourg, vu que cette zone englobe plus des deux tiers de la population de même que les principales infrastructures politiques, juridiques, administratives, économiques, industrielles, sanitaires et de transports routier, ferré et aérien;

- estimant que le choix de la production d'énergie nucléaire reste une décision souveraine de la République française, mais que cette souveraineté doit trouver des limites là où elle se heurte à la souveraineté des pays voisins;

- considérant que face aux risques inhérents et indubitables du nucléaire, la volonté affichée du Président français à vouloir prolonger de plusieurs décennies la durée de vie d'une de ses plus grandes centrales située à quelques kilomètres seulement des frontières luxembourgeoises et allemandes, met en péril la souveraineté et la pérennité de la nation luxembourgeoise;

- accentuant le fait que la centrale de Cattenom connaît déjà depuis 26 ans de très nombreux incidents et que le risque associé aux installations nucléaires augmente - comme pour toute autre installation industrielle - avec l'âge d'exploitation;

- convaincue qu'il faut fermer immédiatement et définitivement la centrale nucléaire de Cattenom; demande au Gouvernement

- de ne plus se limiter à un échange de lettres avec le Gouvernement français, mais d'envoyer rapidement une véritable mission diplomatique composée de représentants des Ministres concernés, de représentants des partis politiques et d'experts à Paris afin de faire comprendre les tenants et aboutissants de la position luxembourgeoise au Président, au Gouvernement, aux Députés et aux Sénateurs de la République française;

- de faire élaborer sans délais une étude juridique détaillée ayant comme objectif une analyse de

tous les moyens et instruments juridiques français, européens et internationaux qui puissent servir à appuyer notre revendication d'une fermeture rapide de la centrale nucléaire de Cattenom et pour contester le cas échéant toute prolongation de sa durée d'exploitation.

(s.) Henri Kox, Eugène Berger, Félix Eischen, Gast Gibéryen, Roger Negri, Serge Urbany.

Den Här Bartolomeo, mengen ech, kënn den Owend laansch, fir dass mer dann och d'Stellung vun der Regierung kréien.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kox. Mir stëmmen effektiv um Enn vun der Sitzung iwwert dës Motioun of, wann den zoustännegen Minister och konnt dozou Stellung huelen.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6295 iwwert d'Sécherheet vun de Stroosseninfrastrukturen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

10. 6295 - Projet de loi concernant la gestion de la sécurité des infrastructures routières

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6295 zur Gestiou vun der Sécherheet vun de Stroosseninfrastrukturen ass de 16. Juni 2011 an der Chamber deponéiert ginn. Den 29. Juni huet d'Chamberskommissioun mech zum Rapporteur genannt.

Dem Statsrot säin éischten Avis ass de 15. November 2011 ukomm. Den 30. November huet d'Kommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert. Enn Januar, fir genau ze sinn, den 30. Januar, hu mer an der Kommissioun eng Rei Amendementer ugeholl, déi op den éischten Avis hi vum Statsrot gefaasst sinn.

De 6. März huet dunn déi héich Kierperschaft de Projet fir d'Zweet aviséiert. D'Kommissioun huet dësen Avis de 14. März nach eng Kéier analyséiert, an d'Woch drop, den 20. März, huet d'Kommissioun dunn de Rapport, mä Rapport, ugeholl. Dat esou wäit zu den Aarbechte vun der Kommissioun, vun der Chamberskommissioun.

Här President, wourëms geet et elo an dësem Projet? Majo, de Projet de loi 6295 gesäit vir, fir d'Direktiv 2008/96/CE vum 19. November 2008 iwwert d'Gestioun vun der Sécherheet vun de Stroosseninfrastrukturen an dat nationaalt Recht ze transposéieren. Et ass festgestallt ginn, datt eng heefeg Ursach vun Accidenter den Zoustand an den Agencement vun de Stroossen ass. Fir elei Remedur ze schafen, gesäit d'Direktiv vir, datt d'Memberstate sech sollen déi néideg Prozedure ginn, fir d'Sécherheet um transeuropäesche Stroossennetz ze verbessern.

Fir dat ze maachen, sinn eng Rei Mesurë virgesinn, wéi zum Beispill d'Obligatioun fir d'Memberstater, déi nei Infrastrukturprojeten am Beräich vum transeuropäesche Stroosseréseau enger Evaluatioun vun den Inzidenzen op d'Sécherheet ze ënnerzéien, an dat vun Ufank u vun der Planificatioun. Op dës Evaluatioun hi ginn dann obligatoresch Sécherheetsauditen an deene verschiddene Phase vun der Realisatioun vun de jeeweilege Projete gemaach.

Wat elo déi bestehend Stroossennetzer ugeet, muss all dräi Joer e Sécherheets-Check gemaach ginn. Op Basis vun den Accidentstatistike gëtt eng Klassifikatioun um Sécherheetsniveau vum Réseau gemaach. Op deene Strecken, wou dann déi meeschten Accidenter constatéiert ginn, muss als Éischt dann och nogebessert ginn, wat u sech jo och logesch ass.

Fir déi genannte Sécherheetsauditen auszuféieren, obligéiert d'Direktiv d'Memberlänner derzou, eng initial Formatioun an och regelméisseg Perfectionnementscoursé fir d'Sécherheetsauditeure virzegesinn.

Des Weideren dréit d'Klassifikatioun vun der Sécherheet vun deene verschiddene Strecken an eise Stroossennetz den déidlechen Accidenter och Rechnung. Heifir si speziell standardiséiert Rapporten ausgeschafft ginn, déi bei engem déidlechen Accident och müssen ausgefëllt ginn. An deem Kader sinn d'Memberlänner och ugehalen, de Coût social vun déidlechen an anere schlëmmen Accidenter ze berechnen, déi op hirem nationalen Territoire oder Stroossennetz geschéien.

Ech wéll och drop hiweisen, datt Lëtzebuerg am Moment nach u sech kee legalen Text huet, dee sech mat Prozeduren am Beräich vun der Sécherheet vun de Stroosseninfrastrukture befaasst. Trotzdeem hu Ponts & Chaussées awer

schonns regelméisseg Auditen iwwert d'Sécherheet vu verschiddene Strecke gemaach, Strecken, déi als geféierlech bekannt sinn. 2009 ass en entspreche Groupp de travail interministériel aktivéiert ginn oder reaktivéiert ginn, fir d'Sécherheet um nationale Stroossennetz ze iwwerwaachen.

Dir gesitt, mir hunn am Moment awer schonns verschidde Mechanismen, déi als Zil hunn, fir d'Sécherheet op eise Stroossen ze verbessern. Ech denken, deen neien Text wäert nach eemol derzou bäidroen, d'Zuel vun den Accidenter mat trageschem Ausgang weiderhin ze reduzéieren.

Leider kann een esou Accidenter ni ganz verhënneren, well Accidenter mat haaptsächlech trageschem Ausgang hunn och ganz vill mam Verhalen oder, besser gesot, mam Feelverhale vun eenzelne Leit ze dinn. Mä mir sollen d'Viraussetzung trotzdeem schafen, fir d'Sécherheet op eise Stroossen esou ze optimiséieren an d'Zuel vun trageschen a schwéieren Accidenter esou niddreg wéi méiglech wëllen ze halen.

Bleift nach ze soen, datt u sech nëmmen eisen Autobunnréseau vun der Direktiv viséiert ass. Net ënnert dës Gesetzgebung fällt d'Sécheritéit vun den Tunnelen oder an den Tunnelen, déi iwwert d'Gesetz vum 21. November 2007 ofgeséichert ass. Des Weidere seet den Artikel 2 Paragraph 9, wat en «accident de la route causant au moins un blessé ayant nécessité d'une hospitalisation de plus de 24 heures».

Här President, ofschléissend wéll ech nach op den Avis vum Statsrot an d'Aarbecht an der Kommissioun agoen. Fir d'Alleréisch huet déi héich Kierperschaft festgestallt, datt mer a Verspéidung si mat der Ëmsetzung vun der Direktiv an datt d'Kommissioun Lëtzebuerg schonns en Avis motivé geschéckt huet, ergo och schonns de béise Fanger gemaach huet.

Als Haaptkritikpunkt huet de Statsrot festgehalen, datt et fir e gudden Ofplaf am Beräich vun der Gestiou vun der Sécherheet op den Autobunnen absolut noutwendeg ass, datt d'Audite vun onofhängegen Experten an Auditeure vun de Ponts & Chaussées gemaach ginn. Zudeem gëtt kritiséiert, datt kee Programme de formation virgesinn ass am Text, esou wéi d'Direktiv et awer freet.

Dernieft stellt de Statsrot fest, datt am Text vum Gesetz véier Annexé vum der Direktiv iwwerholl gi sinn. Fir méi séier a méi flexibel reagéieren ze kënnen, mengt de Statsrot awer, et wier méi sënnavoll, wann een dës Annexen an engem Règlement grand-ducal géif erëmhuelen, op déi dann am Gesetz selwer e Renvoi géif gemaach ginn.

Vu datt d'Kommissioun an hire sechs Amendementer deene meeschte vun de Kritike vum Statsrot Rechnung gedroen huet, huet déi héich Kierperschaft sech an hirem zweeten Avis och averstane gewise mam Text.

Här President, well dës Projet am Sënn vun der Sécherheet op eise Stroossen ass a well mir schonns zolidd a Retard si mat der Transposition vun dëser Direktiv, bidden ech dann d'Chamber, den Text esou wéi en elo virläit ze stëmmen an unzehuelen.

Ech soen dofir Merci fir d'Nolauschteren an ech gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Très bien, Här Clement!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Clement. Den Här Berger ass agedroen. Mä ech mengen, den Här Rapporteur war ganz komplett.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci. Wann dat esou ass, Här President, da wéilt ech dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Ech wéll och drun erënneren, datt d'Demokratesch Partei och ëmmer, an hirem leschte Wahlprogramm fir d'Lescht, drop higewisen huet, datt ee soll Audite maachen, op dee Wee goen, fir eben d'Sécherheet am Stroosseverkéier ze verbessern, well nach leider vill ze vill Leit op eise Stroosse stierwen. Mir sinn also ganz en faveur vun dëser Direktiv a mir wäerten déi natierlech och stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. Ech mengen, de Minister huet och näischt méi bäizefügen, sou datt d'Diskussioun ofgeschloss wär a mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kënnen kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6295 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.